



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/01/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°174 huet de Minister gesot, dass et keng Retarde géif gi beim Ausbezuere vun den Aiden fir de Sportsecteur - weder fir d'Decompte vun 2023, nach fir d'Avance vun 2024. Trotzdeem schéngen d'Sue fir de Secteur ze spéit ze kommen. Bei enger ganzer Rei Sportfederatiounen a -veräiner, ginn d'Keessen esou lues eidel, wat bei lafende Käschten, déi gedeckt musse ginn, a Paien, déi ausbezuelt musse ginn, de Secteur aktuell viru grouss Erausforderunge stellt.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéll de Minister zousätzlech zum regulären Ausbezuere vun den Aiden nach op eng aner Aart a Weis op déi finanziell Engpäss am Sportsecteur reagieren?
2. Kéint de Secteur nach méi kuerzfristeg wéi geplangt mat de finanziellen Hëlleferechnen, fir sécher ze stellen, dass d'Paien Enn Januar all ausbezuelt kënne ginn?
3. Wéi wäert d'Ausbezuere vun den Avancë fir d'Joer 2024 am Kader vum Douzième provisoires Budget oflafen? Kënne d'Federatioun och do kuerzfristeg mat enger substantieller Avance rechnen, wéi an de Jore virdrun?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten





Äntwert vum Här Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n°189 vum 18. Januar 2024 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.

1. Wëll de Minister zousätzlech zum regulären Ausbezuele vun den Aiden nach op eng aner Aart a Weis op déi finanziell Engpäss am Sportsecteur reagieren?

Méng Leit um Sportsministère, an ech selwer, sinn eis den Erausfuerderunge vum Sportssecteur, notamment wat de finanzielle Volet ugeet, bewosst. An deem Zesummenhang kann ech op de Koalitiounsaccord 2023-2028 verweisen, aus deem ervirgeet, dass d'Regierung d'Weiderentwécklung vun de Strukturen, dorënner virun allem d'Sportfederatiounen an hier Clibb, wëll ënnerstëtzen. Dobäi wäert virun allem der Reform vum Subside „Qualité+“ eng wichteg Roll zoukommen.

2. Kéint de Secteur nach méi kuerzfristeg wéi geplangt mat de finanziellen Hëllef rechnen, fir sécher ze stellen, dass d'Païen Enn Januar all ausbezueelt kënnen ginn?

Als Sportsministère si mir, wéi all anere Ministère och, ofhängeg vum Budget. D'Avance fir d'Joer kënnen also ëmmer eréischt dann ausbezueelt gi, wann de Budget disponibel ass. De Solde vum Joer virdu kann natierlech och just dann ausbezueelt gi wann d'Decompte vun dem respektive Joër agereecht, kontrolléiert a berechent ginn.

3. Wéi wäert d'Ausbezuele vun den Avancë fir d'Joer 2024 am Kader vum Douzième provisoires Budget oflafen? Kënnen d'Federatioun och do kuerzfristeg mat enger substantieller Avance rechnen, wéi an de Jore virdrun?

D'Avance fir 2024 gi proportional zum 12^{ème} provisoire berechent an ausbezueelt. D'Païement vun enger zweeter Tranche vun Avance gëtt dann ausbezueelt wann de Budget 2024 gestëmmt ass.

Lëtzebuerg, de 6. Februar 2024

Le Ministre des Sports
(s.) Georges Mischo